ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Juli 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Schoulminister weiderzeleeden.

An der Äntwert op meng parlamentaresch Fro Nummer 6224 schreift den Här Schoulminister zu der Auswierkung vum PII op d'Indemnitéit vun de Léierbouwen ënner anerem dat hei: "*Wat den Apprentissage adulte ugeet, gesäit dat groussherzoglecht Reglement vum 17. Dezember 2010 iwwer d'Organisatioun vum Apprentissage pour adultes vir, datt d'Apprentis adultes eng Indemnitéit (déi virum PII, respektiv nom PII) an e Complément kréien. D'Zomm vu béide Beträg ergëtt dann den onqualifizéierte Mindestloun*".

Am Artikel 7 vum groussherzogleche Reglement op dat den Här Minister sech bezitt ass zu den Indeminitéiten am Apprentissage Adulte dann och dat hei ze liesen: "*Le patron formateur paye à l'apprenti l'indemnité d'apprentissage légale ou conventionnelle augmentée d'un complément d'indemnité jusqu'à concurrence du salaire social minimum pour salariés non qualifiés. Le complément est remboursé au patron formateur par le fonds pour l'emploi, s'il s'agit de demandeurs d'emploi, et par les crédits budgétaires du Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle, s'il s'agit d'autres candidats à l'apprentissage pour adultes. Le remboursement du complément se fait selon les modalités du formulaire de remboursement délivré au patron formateur par le service d'Orientation professionnelle de l'Administration de l'Emploi.Copie du contrat d'apprentissage est à adresser par la chambre professionnelle patronale au service d'Orientation professionnelle de l'Administration de l'Emploi*". Den Text enthält keng Referenz op de PII.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Schoulminister nach gär dës Froe stellen:

1) Kann den Här Minister preziséieren, ob de Léierbouf, deen en Apprentissage adulte mécht, virum Ofschloss vum PII manner ewéi den onqualifizéierte Mindestloun an der Paie kritt oder ob den Ofschloss just eng Differenz fir de Remboursement vum Complément un de Patron bedeit?
2) Falls am Sënn vun der Fro virdrun dat Zweet zoutrëfft, gesäit den Här Minister duerch de PII dann eng Ongläichbehandlung vun deene Léierbouwen, déi hir Ausbildung iwwert den éischte Bildungswee ofschléissen?
3) Kann den Här Minister hypotheetesch matdeelen, ob hien dës Ongläichbehandlung als Ursaach géif gesinn, fir de PII als Module am Lycée ze integréieren oder ofzeschafen, fir méi eng héich Kohärenz tëschent dem éischten an dem zweete Bildungswee ze bewierken?

Mat déiwem Respekt,

Fred Keup
Deputéierten